Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

100% Guide a Scout

**VERBANDSGRUPP**
**PROGRAMMEKIPP**

5 rue Munchen-Tesch
L-2173 Luxembourg

Tel : 26 94 84
Fax : 26 94 84 - 30

programm@lgs.lu
www.lgs.lu

# Intro

Während deenen nächsten zwee Joer heescht eisen Mot d'Ordre "100% Guide a Scout". Mir wëllen dobäi kucken waat um Guidissem a Scoutissem sou speziell as, waat spezifesch fir d'LGS as, waat eis vun aaneren Jugendorganisatiounen ënnerscheed. Kuerz gesoot: mir wëllen no bannen, an no baussen, weisen waat et bedeit Guide a Scout ze sinn... mir wëllen Profil weisen.

All Unitéit, also Biberfamill, Wëllef-Ruddel, AvEx- a CaraPio-Trupp, RaRo-Clan an Albatrossen-Hickecht, kritt en "100%" Logbuch. An dësem Logbuch kënnt dir alles androen waat bei iech lass as, et soll iech vun lo un op all ären Aktivitéiten begleeden.

Am Moment as d'Logbuch nach zimmlech eidel, et sinn just e puer Säiten als Beispill dran. No an no wärten awer weider Säiten op eisem Internet-Site www.lgs.lu veröffentlecht ginn, déi dir do kënnt eroflueden, ausdrécken an dann an ärt Logbuch bäifügen.

Dëst Logbuch soll d'Geschicht vun ärer Unitéit verzielen, loosst dofir är Kreativitéit spillen, an och déi vun ären Kanner/Jugendlëchen: molt Biller dran, pecht Fotoen dran oder erfannt eegen Säiten.

Vill Spaass dobäi wënscht iech,

*d'Programmekipp*

Ee grousse Merci un eis Sponsoren